Luxemburger Wort
Donnerstag, den 2. Februar 2012

Haddocks and French Kisses

Den zweeten CD vun de Winklepickers ass do

2001 hunn de Roger Melcher an de Roland Meyer d'Winklepickers gegrënnt an et war vu virera kloer, datt de Rhythm and Blues sollt ganz uewen op der Lee stoen. Dëst ass déi emotional opgeluede Musik, déi déif am Blues verwuerzelt ass an déi de Rhythmus aus dem Jazz hëllt. Esou entsteet en energesche Mix, dien d'Leit net roueg sëtze léisst, se opstoen an danzen deet.

Op dee berühmten Chicagoer Groussstaadblues baséiert, mat Elementer vum schwéieren, breeden Deltablues duerchsat a gedriwwe vum stuerazegen, séieren englesche Pub-R&B kënnt d'Musik vun de Winklepickers op een duer. Stécker vun de Fabulous Thunderbirds wiessele sech of mat Dr. Feelgood an dem Muddy Waters an dat ëmmer op déi typesch Winklepickers-Manéier: vill Spillfreed, vill Energie a vill Humouer.

Mëttlerweil sinn d'Wincklepickers zu Lëtzebuerg eng richteg Kultband ginn, déi iwwert d'Grenze vun der Bluesmusek a vum Land hier Fans fënnt an dofier 2010 och op deen international renomméierte „Lucerne Blues Festival" ageluede gouf.

2008 koum deen éischten CD „12 R&B Knock-Outs" eraus, deen als Referenz fir dës Zort vu Musek hei zu Lëtzebuerg gëllt an déi mëttlerweil vergraff ass. Héich Zäit also fir en neien Disc: „Haddocks and French Kisses" féiert dat konsequent weider, wat 2008 ugefaange gouf, jhust nach vill méi „knallhaart", „messerschaarf" an



„op de Punkt". Mat der Prezisioun vun enger Schwäizer Auer a mat onheemlech vill Häerz a Gefill presentéieren déi véier Museker 14 Stécker, déi sech dem Nolauschterer an d'Trommelfell brennen an déi e net méi esou séier aus dem Kapp erauskritt.

D'Winklepickers sinn de Roger Melcher (Gesang an Harmonica), de Roland Meyer (Gitaren), de Paul Lebrun (Bass a Gesang) an de Paul Neuen (Drums), alleguer keng Onbekannt.

An Zesummenaarbecht mam „Bluesclub Lëtzebuerg", dem „Ancien Cinéma Vianden" a „Crossroads" gëtt „Haddocks and French Kisses" am Februar virgestallt: éischten Owend: freides, den 10. Februar: Sang a Klang am Gronn – Opening 20.30 Auer; zweeten Owend: samschdes, den 11. Februar: Ancien Cinéma zu Veianen – Opening 21 Auer. Déi zwee Owenter ass den Entrée fräi.

www.winklepickers.lu